N°2079
Entrée le 12.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Héichschoul a Fuerschung weiderzeleeden.**

D'Situatioun an den USA weist elo schonns alarméierend Entwécklungen am Beräich vun der Wëssenschaft. Wéi aus dem Artikel "Wie Trump den Wissenschaftsstandort USA in Gefahr bringt" ervirgeet, sinn duerch Massenentloossungen, Mëttelkierzungen a verschiddener Schikanen iwwer 200.000 jonk Wëssenschaftler aus US-Institutiounen entlooss ginn. De Präsident vun der Max-Planck-Gesellschaft, Patrick Cramer, schwätzt vu bis zu duebel esou vill US-Bewerbunge fir däitsch Fuerschungsprojete wéi am Joer virdrun.

Dës Entwécklung kéint eng historesch Chance fir Europa an och fir Lëtzebuerg duerstellen. Verschidde Länner wéi Irland diskutéieren elo schonn iwwer gezielten Ofwerbungsstrategien. Experte wéi de Christian Stöcker, Professer fir Digital Kommunikatioun, fuerdert esouguer en europäescht Akquiseprogramm mat konkrete Jobofferen an en Ausbaue vun de Professurestellen fir dës Talenter aus den USA unzezéien.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung d'Méiglechkeet an, vun däser Situatioun ze profitéieren an héichqualifizéiert Wëssenschaftler aus den USA op Lëtzebuerg ze bréngen, besonnesch an de strategesch wichtege Beräicher wéi Kënschtlech Intelligenz, Klimafuerschung oder Medezin?

2. Ginn et scho konkret Pläng fir e spezifeschen Opnam- oder Rekrutéierungsprogramm fir US-Wëssenschaftler zu Lëtzebuerg, oder sinn dës Pläng virgesinn?

3. Wéi wäert d'Regierung d'Infrastruktur an d'Ressourcen um Niveau vun der Universitéit Lëtzebuerg a vun eise Fuerschungszentren upassen, fir méiglech nei Fuerscher opzehuelen an hinnen e kompetitiven Ëmfeld ze bidden?

4. Gëtt et Iwwerleeungen, fir am Kader vun engem europäesche Programm zesummenzeschaffen, fir qualifizéiert Wëssenschaftler aus den USA op Europa ze kréien, an huet d'Regierung dowéinst scho Kontakt mat aneren EU-Memberlänner opgeholl?

5. Wéi eng finanziell Mëttele sinn disponibel oder kéinte mobiliséiert ginn, fir esou eng Initiativ z'ënnerstëtzen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten